Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador
Septembre 2010 • XLII /3

# El Salvador - Luxembourg

## Verloscht oder Gewënn - wat weit méi ?

Eng kleng Geschicht vum Terrain San Luis

Léif Leit,

Do krut ech dach vu mengem Frënd Oscar e Bréifchen, deen am Ufank guer net positiv ausgesinn huet: Den Direkter vun eisem Kannerheem zu Santa Ana deelt äis mat, datt de Verkaf vun der Kaffisrekolt 2009 um Terrain San Luis nëmme 6.463 Dollar abruecht huet. Wann ee bedenkt, datt déi Joere virdrun d'Recette ëm déi 30.000 Dollar louch, an datt mer am Duerchschnëtt grad esou vill fir den Ënnerhalt vum Terrain ausginn, da kann een nëmme vun engem schwéiere Verloscht schwätzen. Dësen ass allerdéngs doduerch ze relativéieren, datt op deem Terrain och nach Mais, Bounen, Banannen an aner Uebst- a Geméiszorte gezillt ginn, déi net verkaaft, mee am Kannerheem selwer verbraucht ginn.

**Um Terrain San Luis ginn all Joer jonk Kaffisplanze gezillt**

De Kaffi ass dee wichtegsten Exportartikel vun El Salvador, an ech hu vu verschiddene Säiten héieren, datt 2009 e schlecht Kaffisjoer war.

Den Oscar Pinto bedauert dee finanzielle Verloscht, mee säi Bréifche geet weider: „Vum humanitäre Standpunkt huet den Terrain awer e grousse Gewënn bruecht, well e 15 extrem aarme Familjen d'ganzt Joer duerch eng Aarbecht verschaaft huet."

Dëst Beispill hëlleft mir, net nëmmen op de finanziellen oder materiellen Erfolleg ze kucken, mee och dee mënschlechen Aspekt ze betruechten. Wat ass méi wichteg?

Eis Partner an El Salvador, d'"Fundación La Sagrada Familia", deenen eist Kannerheem gehéiert, hunn am Joer 2002 déi verwëldert Kaffisplantage „Finca San Luis" mat der finanzieller Ënnerstëtzung vum Parverband Widdebierg ugeschaaft. Den Terrain ass ongefëier 30 Hektar grouss a läit no beim Duerf El Refugio 18 km vu Santa Ana ewech. Am Ufank war do immens vill ze rueden, ze raumen, ze flécken, ze botzen an en Deel vun den ale Kaffissträicher eraus ze geheien. Duerno goufen d'Entrée an den Haaptwee vum Wiechterhaische bis bei de Geschirschapp méi breet gemaach, e Stroumuschloss installéiert, e Pëtz gegruewen an der Hoffnung, Waasser ze fannen - leider bis elo ouni Erfolleg. Permanent gi jonk Kaffisplanze gezillt fir lues a lues aler z'ersetzen. An natiirlech ginn d'Mais- a Bounestécker grad ewéi d'Uebstbeem optimal versuergt.

Vun Zäit zu Zäit komme Jugendlecher vum Kannerheem mat op den Terrain an hëllefe bei der Aarbecht. Sou maache si eng Erfahrung am Gaardebau a léieren eppes iwwer d'Relatioun schaffen – verdéngen – liewen.

Jongen aus dem Kannerheem mat Aarbechter um Terrain San Luis

Den Abbé Henri Gloden huet eng Kéier vum Terrain San Luis geschriwwen: „Ein erster Schritt in Richtung Selbstversorgung." An déi Richtung wëlle mir eis Frënn an El Salvador gär begleeden.

Merci, datt dir äis dobäi hëlleft!

**Guy Scholer, President vun der Fondatioun**

# D‘Fraenhaus zu San Salvador

D’Fraenhaus zu San Salvador huet am September 2007 déi éischt jonk Meedercher a Frae mat hire Kanner opgeholl, déi Affer vu Gewalt gi sinn a Schutz a psychologesch Hëllef brauchen. D’Adress ass anonym. Gewalt am Allgemengen an häuslech Gewalt am Besonneschen sinn am El Salvador immens verbreet an de Besoin fir Fraenhaiser wir enorm, mee dës Form vun Hëllef ass nei a wéineg bekannt. D’Schwësteren, déi d’Fraenhaus leeden, hun hire Projet a ville Poren a Gemengenzentre virgestallt an d’Bevölkerung sensibiliséiert.

Mee et besteet nach eng grouss Onsécherheet an Angscht bei de betraffene Frae fir dës Hëllef an Usproch ze huelen. Déi meescht Frae gi vun der Police an d’Fraenhaus bruet.

Fir méiglechst vill Gewaltaffer ze erreechen, betreien d’Schwësteren säit engem gudde Jar och Mammen, déi mat hire kranke Kanner - oft vu wäit hir - an eng grouss Kannerklinik an der Géigend vum Fraenhaus kommen. Fir di Zäit wou hir Kanner behandelt oder operéiert ginn, kommen d’Mammen an enger einfacher Herberg ënner Daach. An deenen zwee Haiser këmmeren d’Schwësteren sech ëm 45 bis 55 Fraen den Dag!

All Mount schéckt d'Directrice en Décompte a si beschreift e puer Fallbeispiller, déi weisen, wéi eng schwéier Schicksaler dës Fraen a Kanner ze bewältegen hunn. D'Mataarbechterinne vum Fraenhaus fänke si an hierer schwiereger Situatioun op, versichen, hinne Mutt ze maachen a si ze stäerken, bidden hinne materiell Hëllef un a léieren se nei Kompetenzen.

- Viru kuurzem hunn si zesumme Mammendag gefeiert. Vill Fraen hu gekrasch. Si haten ni erfuer, dass d'Roll vun der Mamm eescht geholl gëtt an eng ganz wertvoll ass.

- Enn Abrëll huet d'Police eng Mamm bruet mat hieren 3 Kanner vun 2, 4 a 6 Jar. D'Fra ass liicht geeschteg behënnert. De Papp ass Alkoholiker, huet Fra a Kanner geschloen an et besteet Verdacht op sexuelle Mëssbrauch vun de Meedercher. D'Kanner hunn allen dräi Problemer mam Schwätzen a mat den Aen. Dat klengst vun zwee an en halleft Jar kann nach net goen. Si sinn ënnererniert, hunn hiert Eessen missten aus den Dreckskëschten erausfësche goen. Am Fraenhaus gi si elo alle véier medezinesch a psychologesch betreit. D'Kanner ginn an eng Spillschoul. D'Mamm gëtt geléiert, wéi si sech ka besser ëm hir Kanner këmmeren.

- D'Blanca, 11 Jar, hat Leukämie. Et huet d'Schwësteren duerch säi léift Wiesen a säi staarke Glawe beandrockt. Si hunn him erméiglecht an der Klinik d'Kommioun ze man. Ufanks des Jars ass hat gestuerwen. Seng Mamm huet duerno e Logement fonnt an ass mat hire 4 anere Kanner net bei hire gewalttäge Mann zeréckgaang.

- Den Alexander, 17 Deeg al, läit op der Intensivstatioun. Hien ass mat enger Niereninfektioun op d'Welt komm. Senger Mamm geet et gesondheetlech a psychesch schlecht. Si war vum Alexander sengem Papp sexuell mëssbraucht gin.

- Den Osmin, 5 Méint, huet Mokriibs. Seng Mamm ass bei him an der Klinik. Säin Zwillingsbrudder an 3 aner Geschwëster si beim Papp um Land bliwwen. Si liewen do an extremer Aarmut.

# Liebesfähigkeit oder Liebesunfähigkeit

Bericht des luxemburgischen Priesters Henri Gloden aus El Salvador

Den Anderen zuhören, ihnen zusehen, macht uns weiser. Von dort -El Salvador-, nach hier -Luxemburg. Von hier nach dort. Das tut reifen. Ein Lebensprogramm.

Ich sehe, erfasse, verstehe, versuche mit zu fühlen, mehr noch, mich ein zu fühlen: Empathie! Aus der Sicht El Salvadors, auf Luxemburg gerichtet.

In nicht wenigen Jahren habe ich Ihnen vieles mitgeteilt.

Seit mehr als einem Jahr haben wir einen neuen Präsidenten in El Salvador, nicht nur eine neue Regierung: Richtung links, je gemäßigter, je radikaler, je nach den einzelnen Ministern.

Zwei Neuerungen heben sich besonders hervor: Die Schüler der staatlichen Schulen erhalten ihre Uniformen, Bücher und Schreibartikel gratis.

In den staatlichen Kliniken und Dispensarien wurde der sogenannte „freiwillige" Beitrag zur Behandlung abgeschafft. Ohne diese kleine Geldspende gab es keine Behandlung.

Fazit: jetzt fehlt diesen Institutionen noch mehr Geld als früher.

Kranke Menschen werden lieb und zuvorkommend im Schnellverfahren untersucht, erhalten ein Arzneirezept und können jetzt ihre Medikamente in der Privatapotheke kaufen, wenn, ja wenn sie das nötige Kleingeld dafür haben.

Wenn nicht, dann…"gute Reise". Nach Hause oder zum Friedhof.

In einem Ministerium las ich einen Aushang: „Helfen Sie die Armut eliminieren!" Ich schmunzelte respektvoll, musste mir den Kommentar aber verkneifen…

Regierungen, ob rechts oder links, unterscheiden sich im Endresultat wenig: kühle Tropfen auf heiße Steine. Doch es wäre eine unverantwortliche Haltung, nicht möglichst viele große Tropfen auszugießen. Tun wir es regnen, großzügig, andauernd. Die neue Regierung El Salvadors will stärker gegen die Kriminalität vorgehen: zwölf Morde pro Tag im Schnitt. In den letzten Wochen wurden im Osten des Landes die Besitzer von 300 kleineren und mittleren Betrieben erpresst, ebenso Autobusunternehmer und ihre Fahrer.

Inhaftierte Jugendbandenmitglieder „ordern" diese Verbrechen meist per Handy aus den Gefängnissen heraus.

Vor dreißig Jahren wurde Erzbischof Romero während einer Messe ermordet.

Er war ein Prophet unserer Zeit, Stimme der Stimmlosen. Ein scheuer, aber in Gott verankerter Mensch. Er war „preso", Gefangener und „preza", Beute des Urhebers und Ende allen Seins. Er war von Ihm verzückt und Ihm verfallen. „Quand naît le goût de Dieu".

Er war der Verteidiger der Armen, ein Mann voll Zivilcourage, der bekannteste und beliebteste Salvadorianer aller Zeiten. Konsequent mit Gott und mit sich selbst. Megabeispiel für uns alle, ein Mann, der „in" war. Leidenschaftlich in Gott und die armen Menschen verliebt. Ein Großexperte in Sachen Liebe.

In seiner Person spürt man den Ruf Gottes an viele Jugendliche, Megaruf besonders an viele von ihnen, ob sie wohl in Sachen Priesterberuf „in" sind.

Sehr respektvoll, aber doch klar, möchte ich folgende Überlegungen mit Ihnen teilen:

Bei meinem diesjährigen Besuch in Luxemburg versetzten mich wiederum einige Tatsachen in Entrüstung, vor allem aufgrund meiner salvadorianischen Lebenserfahrung :

Die eine: der soziale und wirtschaftliche Unterschied zwischen Europa und Lateinamerika ist riesengroß. Ich bin mir bewusst, dass es auch in Luxemburg und in Europa in diesen Krisenzeiten große Probleme gibt, dass es auch hier Armut gibt, aber: dies ist in keinem Fall vergleichbar mit der kollektiven, unermesslichen Armut El Salvadors und der Dritten Welt im allgemeinen.

Die andere: als Priester bin ich schockiert über den wuchernden Säkularismus, den praktischen Atheismus, den man in vielen Ländern Europas sieht und spürt.

San Padre Pio, der stigmatisierte italienische Priester sagte: "Mein Blut gefriert, wenn ich daran denke, wie die Liebe von Jesus so schlecht gelohnt wird".

Papst Benedikt lädt uns ein, die göttliche Dimension in unser Leben ein zu binden. „Christsein ist keine Beruhigungspille".

Müssten wir nicht vis-à-vis von Christus wie die bekannte Lena tun und sagen:"Oh my God, ich bin unglaublich dankbar".

Super-optimal, mit höchster Konzentration, andauernd, mit Megadynamik, mit echter Megaliebe, mit Herzlichkeit und Frische, immer, trotz, und gerade wegen aller menschlichen Misere. Mit „violence absolue" im Stile Christi.

Das rumänische Lied zum Grand Prix Eurovision beeindruckte mich sehr: "Playing with the fire", spontan fügte ich hinzu „of God". Ich danke Gott, dass ich mein Leben lang, wenn auch meistens unbewusst und ohne jeden Eigenverdienst, mit Gottes Feuer spielen durfte.

Beten und arbeiten wir zusammen, dass alle Menschen, besonders die Jugendlichen aus Luxemburg, El Salvador und der ganzen Welt, mit Gottes Feuer spielen können.

Danke für jede Hilfe : Gebet, Arbeit, Spenden für ärmste Menschen in El Salvador.

Danke, wenn Sie zu besonderen Anlässen an uns denken.

Danke für Ihr empathisches Mitfühlen.

Danke, dass wir Ihnen unsere Sorge über den Spendenrückgang mitteilen können.

Wir wünschen Ihnen erholsame Ferien und einen ertragreichen Herbst.

**Ihr Henri Gloden**

# Kontakt


## In Luxemburg:

Fondation Luxembourg - El Salvador
30, rue J.-P. Beckius, L-6671 Mertert
Tel. 74 80 93, Internet: www.cercle.lu
E-Mail: lux-elsa@internet.lu
CCPL - LU73 1111 2119 9449 0000
BILL - LU47 0024 1691 8554 5100

Bei der Fondation handelt es sich um eine staatlich anerkannte Stiftung. Spenden sind gemäß den gesetzlichen Bestimmungen steuerlich absetzbar.

## In El Salvador:

Padre Enrique Gloden
Hogar Amor y Esperanza - Apartado 48
Santa Ana / El Salvador / Centroamérica
Tel. 00 503 78 77 09 78
E-Mail: glodensch@yahoo.com
CCPL LU59 1111 0369 1656 0000
(Postscheckkonto von Henri Gloden, Mertert)


# Impressum


## El Salvador - Luxembourg

Bulletin de la Fondation Luxembourg - El Salvador; paraît au moins quatre fois par an.

*La Fondation a pour objet de promouvoir et de soutenir, par des aides matérielles ou autres, toute activité sociale et éducative dans l'intérêt de la population en détresse dans le pays d'El Salvador (Amérique Centrale) et plus particulièrement dans l'intérêt des enfants et adolescents dans le Foyer d'enfants «Amor y Esperanza» initié par lAbbé Henri Gloden à Santa Ana (El Salvador).*

Imprimé sur papier recyclé